Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 2. August 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
05 AOUT 2019
1013

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit bieden ech lech dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Wunnengsbau weiderzeleeden.

De Kierchefong ass gewellt an Zukunft an de soziale Mietwunnengsbau ze investéieren. Laut Medieninformatioune gëtt de Kierchefong fir de Moment awer an dëse Bestriewunge vum Wunnengsbauministère ausgebremst fir staatlech subventionéiert Sozialwunnengen ze bauen.

Op der enger Säit geet em bestoend Konventioune wou Ënnerschrëfte vum Ministère feelen, ouni déi keng staatlech Gelder kenne fléissen. Op der anerer Säit ginn et vir Bauprojeten, vun deene verschiddener schon am Bau sinn, een Accord de Principe säitens vum Ministère, leider goufen d'Konventiounen awer nach net validéiert.

Laut eisen Informatiounen wier de Ministère am gaangen verschidden Subventionéierungskritären, och fir schonns ofgeseente Projeten, ze änneren!

Konkret soll d'Lafzäit vun de Konventioune vun 20 op 40 Joer an d'Luucht gesat ginn esou dass déi sozial Mietwunnenge während opmanst 40 Joer ennert soziale Critèren musse verlount ginn.

Mir wéilte gäer folgend Froen un d'Madamm Ministesch stellen:

- Regierung plädéiert ëmmer erëm, dass méi privat Acteuren sech am soziale Wunnengsbau sollen engagéieren, ass Regierung net der Meenung, dass Verduebelung vun der Lafzäit vun de Konventiounen net éischter kontraproduktiv ass a potentiell privat Acteuren dovunner ofhält an de soziale Mietwunnengsbau z'investéieren ?

- Et ass e Fakt datt eng Penurie bei de soziale Mietwunnengen besteet, aus wat fir engem Grond ginn déi Demanden déi zanter 10 Méint um Dësch leien fir sozial Mietwunnengen ze bauen net validéiert? Sollt net fir d'éischt déi gesetzlech Basis ugepasst ginn amplaz op Zäit ze spillen?

- Ass d'Regierung net der Meenung, dass sech duerch déi uewegenannte geplangte Moossname d'Lag um soziale Mietwunnengsbau éischter wäert weider zouspëtze wéi entspanen ?

- Wa nee firwat ass d'Regierung net dëser Meenung ?

- Iwwer wéi e Wee well d'Regierung an Zukunft privat Acteuren incitéiere fir an de soziale Mietwunnengsbau z'investéieren ?

Här President, ech bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Marc Lies
Deputéierten

Gilles Roth
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

Luxembourg, le 06 août 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
07 AOUT 2019

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation

43, bd. F.-D. Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Dossier suivi par :
Jérôme Krier
247-84837
jerome.krier@ml.etat.lu

n/réf.: 2019-1009-Kox-RépMin/JK

**Objet : Question parlementaire n°1013 du 02 août 2019 posée par les Honorables Députés Marc Lies et Gilles Roth concernant les aides d'Etat dans le domaine des logements sociaux locatifs**

Monsieur le Ministre,

En réponse au courrier électronique du 06 août 2019 en relation avec l'objet sous rubrique, j'ai l'honneur de vous transmettre en annexe à la présente ma réponse à ladite question parlementaire.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre au Président de la Chambre des Députes.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Pour la Ministre du Logement

Mike MATHIAS
Premier Conseiller de Gouvernement

**Äntwert vun der Wunnengsbauministesch ob d'parlamentaresch Fro n°1013 vun den éierewärten Deputéierten Häre Marc LIES a Gilles ROTH vum 2. August 2019.**

1. Regierung pladéiert ëmmer erëm, dass méi privat Acteuren sech am soziale Wunnengsbau sollen engagéieren, ass Regierung net der Meenung, dass Verduebelung vun der Lafzäit vun de Konventiounen net éischter kontraproduktiv ass a potentiell privat Acteuren dovunner ofhält an de soziale Mietwunnengsbau z'investéieren?

   Nee, d'Regierung deelt déi Meenung net. Eng Verduebelung vun der Lafzäit vun de Konventiounen, sief dat mat de privaten oder den ëffentleche Promoteuren, féiert dozou dat déi Wunnenge méi laang kënnen zu abordabele Loyeren un déi Leit verlount ginn déi sech um private Marché nëmmen nach mat ganz grousse Schwieregkeeten eng Wunneng kënne leeschten.

   Well mer zu Lëtzebuerg nëmmen 2% sozial Mietwunnengen hunn, ass den Ausbau vun dësem Segment - gemäss dem Regierungsprogramm - eng grouss Prioritéit, a sécher och am Interêt vun de Leit, déi a Wunnenge wunnen, déi jo zu 75% vum Staat finanzéiert goufen.

   Doriwwer eraus erlaabt eis eng méi laang Lafzäit vun der Konventiounen och sécherzestellen, datt déi eventuell Sozialbegleedung vun de Locatairen, iwwert de Wee vun engem sozial engagéierten « Bailleur social », finanzéierbar bleift. Virun allem awer stelle mer sécher, datt dës Wunnengen iwwer mindestens 40 Joer ënnerhale ginn an domadder och d'Bausubstanz vu gudder Qualitéit bleift.

   Ob des Manéier gëtt den Investissement vum Staat a vun de sozial engagéierte Promoteuren an de Wunnengsbau laangfristeg ofgeséchert. Dat ass sécher och am Interessi vu sozial engagéierte privaten Promoteuren.

2. Et ass e Fakt datt eng Pénurie bei de soziale Mietwunnenge besteet, aus wat fir engem Grond ginn déi Demanden déi zanter 10 Méint um Dësch leien fir sozial Mietwunnengen ze bauen net validéiert? Sollt net fir d'éischt déi gesetzlech Basis ugepasst ginn amplaz op Zäit ze spillen?

   De Ministère spillt net ob d'Zäit bei der Analyse vun den Demanden.

   Mir schaffe mat Héichdrock un der Reform vum Gesetz vun 1979. An deem Kontext huet sech awer erausgestallt, dat eng Réi Inkoherenze schon am Kader vum aktuelle Gesetz kënne behuewe ginn, an datt mir eis staatlech Hëllefe musse konform setze mat der Decisioun 2012/21/UE vun der europäescher Kommissioun vum 20 Dezember 2011. Fir weider Detailer zu dem Punkt verweisen ech déi éierewäerten Deputéierten ob de Punkt 2 vun der parlementarescher Fro Nummer 1009 vum Deputéierten Henri KOX vum 2. August 2019.

3. <u>Ass d'Regierung net der Meenung, dass sech duerch déi uewegenannte geplangte Moossname d'Lag um soziale Mietwunnengsbau éischter wäert weider zouspëtze wéi entspanen? Wa nee firwat ass d'Regierung net dëser Meenung?</u>

Duerch d'Verlängerung vun der sozialer Bindung vun den zu 75% vum Staat finanzéierte Wunnengen ob déi geplangte 40 Joer kenne méi Léit méi laang zu abordabele Loyere wunnen. D'Regierung ass der Meenung, dat dëst zu enger langfristeger Entspanung vum Marché vun de Mietwunnenge wäert bäidroen. D'Erfahrunge weise jo: mir musse vermeiden datt déi subventionnéiert Wunnengen no enger zevill kuerzer Lafzait vun der sozialer Bindung erem zu Marchéspraisser verlount a verkaf ginn.

4. <u>Iwwer wéi e Wee well d'Regierung an Zukunft privat Acteuren incitéiere fir an de soziale Mietwunnengsbau z'investéieren?</u>

Genau wéi bis elo soll et méiglech sinn, datt privat Promoteure kënnen eng staatlech Participatioun kréie fir de Bau vu Wunnengen, déi abordabel verlount ginn. D'Regierung muss dofir suergen datt dës Steiergelder verantwortlech, dat heescht effikass, gerecht a laangfristeg investéiert ginn. Ausserdeem mussen déi staatlech Hëllefe konform sinn zu den europäesche Reegelen. Dofir ass d'Regierung am gaangen d'Gesetz vun 1979 ze iwwerschaffen. D'Detailer vun dëser Reform ginn am Austausch mat den Acteure vum Terrain ausgeschafft.